**Evangelium vum 26. Sonndeg C**
**Lk 16, 19-31**

## {{{KONTEXT}}}

D'Reienfolleg, wéi de Lk d'Saachen am Kapitel 16 uneneegereit huet, soll seng Lieser/Nolauschterer un d'Nodenken, oder besser, un d'Ëmdenke bréngen ëmt en Thema, dat him besonnesch um Häerz läit, den Ëmgank mam Räichtum (cf. z. B. Lk 1, 46ff ; 6, 20ff ; 12, 16ff.33f ; 14, 33) A Lk 16 kënnt d'éischt d'Gläichnes vum Verwalter, wou zwéin Themen ukléngen, den Ëmgank mat Besëtz a Vertaue verdingt hunn, gerued sinn (Lk 16, 1-8a ; verschidde Wierder, déi erëmkomme maachen de Lien, z. B. 'Mammon' an de Vv. 9.11.13 ; trei, Vv. 10.11.12 ; cf. d'Ev. vum 25. Sonndeg C), da komme Spréch, Léieren déi dës béid Themen erëm opgräifen (Vv. 8b-14/14-18), duerno da kënnt d'Gläichnes, als lescht Warnung souzesoen, vun deem Räichen an dem aarme Lazarus (Vv. 19-31), d'Evangelium vun dësem 26. Sonndeg C, en Text, dee mer just nëmme beim Lk fannen.

## {{{TEXT}}}

**De Jesus sot zu senge Jünger :**

Dës Aleedung ass am liturgeschen Text derbäigesat.

**« Et war emol e räiche Mann, deen hat purpurrout Gezei ... (Vv. 19- 21) :**

D'Thema, dat an de **Vv. 19-25** ukléngt erënnert un aner Erzielungen aus dem alen Ägypten an aus dem Juddentum, well den Iwwergank vun dier enger an déi aner Welt d'Leit do och beschäftegt huet. – An eise **Vv. 19-21** hei ginn déi eenzel Personnage virgestallt, ouni weider Iwwerleedung no der Ausso iwwert d'Scheedung (V. 18), mee, mat dem selweschten Hannergedanken, nämlech der Fro nom Gëlle vu Gesetz a Prophéiten (cf. Vv. 16.**29-31**): de räiche Mann huet keen Numm, awer **purpurrout Gezei** wéi d'Kinnécken, verschidde Götterbiller oder Priister et haten (cf. Ri 8, 26 ; Ez 23, 6 ; Jer 10, 4 ; Ex 28, 15 ; 39, 8) ; dat **feint Léngent** koum déi Zäit aus Ägypten oder esouguër aus Indien ; hie war net nëmme fir Feierdeeg esou deier gekleed, mee, all Dag : dat deit den Imparfait als Temps de la durée am Griicheschen un ('**enedidusketo**' = hien hat un, hie war gekleed). Esou wéi dee Räichen hei liewt erënnert un dat, wat dee räiche Bauer aus Lk 12, 16ff (cf. d'Ev. vum 18 Sonndeg C) gäre gemeet hätt, awer net méi dozou koum. D'Beschreiwung vum Lk u sech ass neutral, an dach huet se en negative Bäigeschmaach well am Juddentum an och bei de Griichen, Luxus, deen zëvill no bausse gewise ginn ass, als verwerflech ugesi ginn ass. – Deen Oarmen, an dobäi och nach Kranken (**Schwiere** sinn d'Zeeche vu Leit, déi am Liewe béis geschloe sinn, cf. Hiob 2, 7 ; 2Kin 20, 7) huet awer en Numm : **Lazarus** = Eleazar = den Herrgott hëlleft ! Wann ee säin Numm net als battere Spott betruechte wëlt, da muss ee bal soen, datt et just nach Gott ass, deen dem Lazarus a senger Situatioun hëllefe kann ! Hie kann emol net méi déi kultesch onreng **Honn** (cf. Ps 22, 17.21 ; Spr 26, 11) verjoen. De Kontrast kéint also bal net méi krass sinn.

**Wéi de Lazarus gestuerwen ass, gouf hie vun den Engelen an dem Abraham säi Schouss ... (V. 22) :**

Ironie vum Schicksal : déi zwee Männer stierwen ëm déi selwescht Zäit ! An elo kritt de Lazarus d'Eireplaz beim **Abraham**, deen hei a senger Roll als Papp vun deenen, déi gleewen, d.h. op den Herrgott vertrauen a vun deene Gerechten, d.h. déi hiirt Liewen no Gott ausriichten, beschriwwe gëtt ! (De Lazarus gëtt vun **Engelen**, also Ofgesandter vum Herrgott dohigeleet ; dat ass eng Virstellung aus dem 'Vollécksglawen', déi de Lk hei opgräift.) – Eng Fro am Hannergrond ass allerdings, ier de Lazarus als Gerechte geliewt huet (dat gëtt jo evtl. doduerch, datt hien an dem **Abraham säi Schouss** kënnt ugedeit), oder ier et seng grouss Oarmutt ass, déi hien als Gerechten do stoe léisst.

**An der Doudewelt, wou hien eng Péng sonnergläichen ... (Vv. 23-24) :**

D'**Doudewelt** = den Hades, dee méi ënnen a wäit ewech vun dem Lazarus senger Plaz beim Abraham ze leie schéngt. Wien op dëser Welt uewe war, ass elo ënnen, an ëmgedréint. - De Lk (als eenzege vun den Evangelisten) gebraucht och hei d'Virstellungswelt vu senger Zäit – wahrscheinlech ouni dogmatesch Aussoe maachen ze wëllen ; dat wourëms et him geet, ass ze weisen, wou dee richtege Wee ass, wéi d'Chrëschte liewe sollen a wat se net maache sollen – a fir sech verständlech ze maachen, gebraucht hien ebe Biller vu senger Zäit, Biller wéi mer se och an den Apokalypsen erëmfannen.

**Den Abraham awer sot :'Kand, erënner dech drun : ....' (Vv. 25-26) :**

Et ass erstaunlech, datt den Abraham dee Räiche '**Kand**' (also Member vum Vollék Israel) nennt ; mee, dat ännert awer näischt u senger Situatioun : hien hat sech et zu Liewzäite gutt goe gelooss, an **'elo'** an **'hei'** geet et eben dem Lazarus gutt, '**hie gëtt getréischt**' (als 'Wiedergutmachung' ?) dat ass net méi z'änneren. Dëse Verdikt vum Abraham erënnert un d'Séilegpreisungen (cf. Lk 6, 24), un déi sech dem Lk seng Lieser/Nolauschterer deemools wéi haut och erënnere missten. – De **grousse Gruef** aus dem **V. 26** ass e Bild, dat eigentlech net juddesch ass a vläicht nëmmen ënnersträiche soll, datt näischt méi z'änneren ass – woubäi nach eppes z'ännere gewierscht wier, wéi de Lazarus virun deem Räiche senger Dier louch !

**Dee Räichen awer sot : 'Ech bieden dech, Papp, ...' (Vv. 27-29) :**

Eigentlech kéint d'Erzielung mam **V. 26** ophalen, mee, da géif déi zweet Pointe, déi dem Lk wichteg ass, feelen. – Dee Räiche gëtt sech nach net ganz geschloen : hie ried den Abraham mat '**Papp**' un (als Äntwert op deem seng Uried mat 'Kand' ? Oder fir sech hie gutt ze stëmmen ?), versicht (wat jo eng Frechheet ass), de Lazarus als Bréifdréier gestallt ze kréien a seng Bridder, fir déi hien sech verantwortlech fillt, ze warnen. Mee, och dat gëtt näischt, well déi **fënnef Bridder**, tselweschť wéi dee Räiche selwer, **d'Gesetz an d'Prophéiten** hu fir sech am Liewen z'orientéieren ! Och a Lk 24, 27.44 widderhëlt de Lk d'Wichtegkeet vun der Schrëft, déi méi als Guide zielt, wéi all Wonner (cf. Lk 10, 13). – D'Mënsche sollen op si **'lauschteren'** = 'héieren', wat jo och am Lëtzebuergeschen déi duebel Bedeitung kann hu vu 'mat den Oueren héieren' an dann och 'follegen'. (Dat ass d'Pointe, an net een Oarme vu

vireran als gerecht duerzestellen an hien op e Liewen nom Doud ze vertréischten oder ee Räiche vu vireran ze verdamen.)

**Ma dee räiche Mann huet geäntwert : ... (Vv. 30-31) :**

Nees eng Kéier kéint d’Erzielung mam **V. 29** eriwwer sinn, an et ass schwiereg ze verstoen, firwat de Lk nach dës zwee Vv. drugehaangen huet. Vläicht well sech do den éischte Chrëschten hir Erfahrung erëmspiggelt, datt deen Operstanenen d’Leit net onbedingt zum Ëmdenke bruecht huet ?

(Fränz Biver-Pettinger)